N°1995
Entrée le 28.02.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 03.03.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/02/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Aussenugeleeënheeten weiderzeleeden.**

Rezent huet den amerikanesche Präsident Donald Trump quasi iwwer Nuecht sämtlech Gelder fir de Programm USAID sträiche gelooss. E groussen Deel vun de Programmer, déi weltwäit am Kampf géint Tuberkulos aktiv sinn, goufe bis elo awer zu groussen Deeler finanziell vun USAID ënnerstëtzt. Opgrond vun de feelende Gelder goufe vill Programmer elo kuerzfristeg gestoppt a betraffe Leit weltwäit kënne weder diagnostizéiert nach behandelt ginn. Déi feelend Behandlung kéint innerhalb vun de nächste Méint am schlëmmste Fall zu enger weltwäiter Ausbreedung vun Tuberkulos féieren, dorënner och vu resistente Bakteriestämm. Och wann den amerikanesche Minister Rubio matgedeelt huet, dass liewenswichteg Programmer weidergefouert géife ginn, sou schéngt dat awer net fir d'Tuberkulos-Programmer ze gëllen. Och d'GDF, d'Global Drug Facility, ass ee vun den Haaptacteure weltwäit bei der Bekämpfung vun Tuberkulos.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wäert Lëtzebuerg seng Entwécklungshëllef am Beräicher vun der Tuberkulos-Bekämpfung erhéijen, fir dobäi ze hëllefen d'Lächer ze fëllen, déi duerch d'Ofschafe vun der USAID entstane sinn?

2. Goufen op EU-Niveau scho Gespréicher iwwert d'Konsequenze vun dëser plëtzlecher Ënnerbriechung vun der liewenswichteger Finanzhëllef fir d'global Gesondheet gefouert?

3. Ginn et Pläng, fir mat aneren europäesche Länner a multilateralen Organisatiounen zesummenzeschaffen, fir d'Kris déi duerch dës Ënnerbriechung entsteet, sou séier wéi méiglech unzegoen?

4. Huet Lëtzebuerg an der Vergaangenheet d'GDF, d'Global Drug Facility, (co-) finanzéiert? Wa jo, mat wat fir enge Montanten?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten